# “Plattform fir Direkt Demokratie”

*Pressematdeelung vum 11. September 2026*

Verschidde jonk Politiker vun der LSAP, DP, déi Gréng an CSV hu rezent eng ASBL mam Numm „Plattform fir Demokratie“ gegrënnt. Dëst, ënnert anerem als Reaktioun op ee Walresultat an Däitschland, wat dëse verschiddene Politiker net an de Kromm passt. Hiren eegen Aussoen no, wëlle si mat hirer Initiativ d'Vertrauen an d'Demokratie stäerken. Dat wier jo och de Fall wann ee sech zum Beispill fir eng Direkt Demokratie a géint eng Amëschung vun der EU an nationale Wale géif asetzen. Mee dovunner liest een näischt an hirer Kommunikatioun.
Donieft goufen och falsch Behaaptungen benotzt, andeems een der ADR/ADRenalin ënnerstallt huet, mir wieren net fir eng Gläichberechtegung tëschent Mann a Fra. Hei e klenge Reminder aus dem Grondsazprogramm vun der ADR: Kapitel VI „Familie“, 39: „Wir treten ein für die Gleichbehandlung von Frau und Mann“.

D'Initiateure schwätzen dovunner datt déi etabléiert Parteie villes net méi am Grëff hunn. Wou ass dann do de Problem?
De Wieler, léif Frënn, huet ëmmer Recht, egal ob e lénks oder riets wielt.
Dat ass Demokratie. An dofir, fir eng richteg Demokratie ze promovéieren, wäert deemnächst d'ADRenalin mat Leit déi interesséiert sinn, sech fir eng direkt demokratesch Plattform asetzen, wou ondemokratesch Prozesser analyséiert ginn (zB. beim Verspriechen vun engem Referendum bei enger Verfassungsreform, dat genee vun dësen etabléierte Parteie gebrach gouf) a wou Demokratie richteg gelieft gëtt. Jiddereen ass wëllkomm.